N°1931
Entrée le 12.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Konsummenteschutz weiderzeleeden.**

D'Entwécklung vun der kënschtlecher Intelligenz (KI) geet aktuell mat schnellem Tempo virun. Verschidde Firmen ginn op de Wee an integréieren KI-Programmer, wéi CHATGPT, an hir Produiten an. Verschidden Autoshirsteller bauen KI an hir Infotainment-Systemer an.

Et ass allerdings esou, dass mam Abau vu KI a Produiten Risiken bestinn. D'Regierung huet op meng parlamentaresch Fro n°1914 geäntwert: *"Et ass ënnert anerem recommandéiert gi keng onveröffentlecht professionell Informatioune mat Applikatiounen ze deelen, AI Servicer abegraff, déi net vum Staat zur Verfügung gestallt goufen."* Dës Äntwert weist, dass d'Notzung vu KI mat Risiken ze genéissen ass a begleet muss ginn, éiert ee se flächendeckend an Produiten abaut.

Dat rezent Dateleck bei Volkswagen, wou Donnéeën vun den Automobilisten ëffentlech siichtbar waren - wat ech a menger parlamentarescher Fro n°1713 thematiséiert hat - huet gewisen, dass et net ëmmer vu Virdeel fir de Konsumment ass, wann KI an de Produiten integréiert ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass et zu Lëtzebuerg souwéi an der EU méiglech, fir als Konsument z'insistéieren, dass ee Produit ouni KI-Technologien equipéiert gëtt oder dass, wann d'KI agebaut ass, een dës kann desaktivéieren?

2. Muss ee Produzent, wéi zum Beispill een Autoshirsteller, beim Verkaf vun engem Produit geziilt drop hiweisen, dass an engem Auto KI agebaut ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten